ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An israeleschen Etüde soll festgestallt gi sinn, datt Leit, déi vollstänneg mat engem mRNA-Impfstoff geimpft sinn, no 6 Méint nach eng weider Impfung bräichten. An Israel soll et deemno schonn am September, grad och fir Risikogruppen an eeler Leit, Drëttimpfunge ginn. Och eis däitsch Noperen hunn dës Iwwerleeung. Aus deem Grond beréit déi däitsch Regierung sech haut, fir den Hierscht dann déi drëtt Impfdos anzeféieren.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Madamm Minister a Kenntnes iwwert dës Entwécklungen? Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung zu dësen Iwwerleeungen?
2. Huet Lëtzebuerg och Ënnersichungen heizou gemaach? Wann nee, firwat net? Wa jo, wat sinn d'Resultater?
3. Féiert d'Regierung hei déi nämmlecht Iwwerleeungen, nodeems och zu Lëtzebuerg am Januar schonn déi éischt Impfunge gemaach goufen?
4. Wat heescht dat fir de CovidCheck, wann eng Persoun hir zweet mRNA-Impfung viru 6 Méint krut an dann awer keng weider Impfdos kréie wëll oder kann? Gëtt den Impf-Noweis vun där Persoun dann hifälleg?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten